Discours du Président F. Zanen

Leif Gescht, nodeem den Romain jo all Mensch begreisst huet, well ech iech och merci soen, datt deer zu so vill hei op eisen 10 Jooresdaag vun der Remise de la Charte komm sitt.

Cher amis rotarien du Club Thionville Porte de France, je vous remercie d'être si nombreux parmi nous pour fêter notre 10e anniversaire, en effet notre remise de la charte a eu lieu le 7 novembre 1998.

Liebe rotarische Freunde aus Trier, Porta Nigra , ich begrüsse Sie hiermit zu unserer Geburtstagfeier, dem 10 jährigen Jubiläum unseres Klubs, Bascharage Kordall, hier in dieser wunderschönen Anlage in Bad Mondorf.

Jo, eisen Club ass virun 10 Joer gegrennt gin op Initiative vum Fernand Osch, Gouverneur vun eisem District 1996/1997. Hien huet op der Landkaart gekuckt wou nach keen Club waar, an huet dunn als Stackeislicker den Südwesten vum Land entdeckt. Dunn huet den Fernand den Raymond Martin , vum Club Esch Bassin Minier, gefroot op hien net weillt President Formateur vun deem neien Club zu Bascharage gin. Den Raymond huet dororps hinn den Jean Scharle (diekirch-ettelbreck) gefroot viir zu hellefen, an hien ass suguer and d'Ausland feschen gaan, viir den Jacques Bouchoms past gouverneur vum Rotary Club Arlon och ze motiveieren viir matt ze maachen.

Sie haaten 22 Leit zesummen getrommelt an d'Charte as dem Rotary Club Bascharage Koordall den 7 November 1998 vun deem deemolischen Gouverneur André Minguet iwerrecht gin. Ech muss desen Heeren wirklech villmolls merci soen, well sie hunn deemols eng formidabel Arbescht gemaach, an sie hunn viirun allem eng gaans gudd Equippe opgestallt.

Den Rotary, viir mech , ass och Synonym vun Frendschafft. Meer sinn an deenen lesschte 10 Joer vun 22 op 42 Leit kontrolleiert an lues gewuess. Mir hun eis also verduebelt, waat eis erlabt 42 Frenn ze sinn dei gudd zesummen passen. Wann meer eppes organisieieren, dann helleft à tour de rôle jiddfereen, dann ass jiddereen mol present and peckt eng Hand un. Daat gesidd der och haut hei, wou baal all Memberen do sinn. Ech hoffen datt meer viir eis 20 joer Feier och daat selwescht soen kennen.

Ech gin hei net op all dei Aktiviteieten an, dei meer an deenen leschten 10 Joer gemaach hunn , well soss kreien meer haut neischt mei ze iessen. Der hutt 5 Broshuren op all Desch leien, am prinzip eng viir all Koppel. Der kennt des Broshuren roueg mat Heem huelen, an wann et net opgeet matt den Koppelen, dann leien der nach beim Ausgang do hannen. Dess Broshure as een Resumé vunn all eisen Aktiviteiten bis haut.

Am Zesummenhang vunn deser Feier, muss ech all deenen merci soen, dei gehollef hunn datt daat hei gudd iwer d'Bühn geet. All deenen Leit dei een Don gemach hun, dei eng Annonce gemach hun, dei d'Broshure finanzeiert hun,…. merci nach eng keier. Mee ech kommen einfach net dolaanscht, e puer Leit ganz speziell merci ze soen. Daat ass den

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Yves Bour, dee sech gaans freiwellech an spontaan dozou bereet erklärt huet, sech em daat finanziellt vun der Brochure ze koemmeren. Daat ass eng ondankbar an schweier Aufgaab, an den Yves as seit 6 Meint dohannert wei keen zweeten.

An dann natiirlech eisen Emel Frantzen. Hien huet des Brochure zesummen gesaat, net gaans eleng, mee et muss een sech Zeit huelen an et maachen.An domatt geet et awer net duer, well den Emmel huet och nach een redaktionnel Talent an d'Rou viir alles zereck sichen ze goen. Ech mengen datt den Emel bestemmt dei eng oder aaner Unfroo vun aaneren Klibb kritt, op hien daat net och viir sie maachen keinnt.

Dann muss ech och eisen groussen Coordinator, den Gilbert Neiens nach herauszehieven. Seit hien d'Pensioun huet, denkt hien nemmen mei nach un den Rotary, an un eis 10 Joer. Hien zitt d'Fiedem vunn allen Seiten an surcht dofiir datt alles klappt. Den Gilbert huet emmer een aan op den President, well desen jo antscheinenend vun Zeit zu Zeit am Ausland ass, an dann sou munches mei "easy" hoellt.. Merci Gilbert viir dein Asaatz.

Elo bleiwet meer just nach Zeit, dem Li Marteleng merci ze soen. D'Li huet direct jo gesoot, wei meer et gefroot hunn op hat keinnt des Feier bessen mat senger Daansschoul opheiteren. An wei mer d'Li gerfoot hunn, waat daat gaanst kaschten giff, du soot d'Li meer sollen dei Suen engem gin deen et mei neideg haet wei hatt. Also hunn meer beschloss, dem Li seng Gage als Don viir d'Jongenheem vun Esch, den Foyer Weyer, Responsabel de Remy Feidt ze iwwerrechen, een Don wou den Marco Moes an d'Li Marteleng souguer nach privat eppes dropp leen, an den mer als Rotary Bascharage Kordall verduebelen. Eis Treierer Frenn leen och nach eppes bei , dann kommen mer op een montant deen iwer 3.000 Euros leit.

Dir Damen an dir Haeren, ech soen iech merci viir d'nolauschteren an woenschen iech nach een gudden Appetit an een scheiene Owend.

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Discours M. R. Martin: Formateur du RC Bascharage-Kordall

Dir Dammen,
Dir Häre,
Léif Frënn
Léif Rotarier,

Nodeem den President iech all hei op dem 10ten anniversaire vum „Rotary Bascharage-Kordall“ konnt begréißen an wëllkëmm heeschen, wëll ech mech deem uschléißen ouns iech alleguer elo nach eng Kéier eenzel unzespriechen.

Selbstverständlech as et fir mech eng grouss Freed haut dësen Dag zesummen mat Iech ze feieren.
Dofir en oprichtegen Merci un de Comité an all d'Memberen vun dësem Club.

Virun gutt 10 Joër sin deemols den Fernand Osch, de Jacques Bouchoms an de Jean Scharlé als Vertrieder vun der Expansiounscommissioun u mech erungetrueden fir mech ze froën op ech bereet wir d'charge vum formateur ze iwerhuelen, fir een néien Club hei am Süden ze grënnen.

Ech hun dat deemols als eng Éier an eng Unerkennung ëmfond an wor selbstverständlech direkt anverstaanen dëss Missioun ze iwerhuelen.

Ech wëll elo net héi an all Detailer vun dësem Opbau virun 10 Joër agoen, mee iech awer ee bësselchen skizzéieren mat welechem Äifer an Engagement mir deemols dat Kand op d'Welt gesaat hun.

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Dat Wichtegst wor et ee puer Kandidaten zesummen ze brëngen déi eng gewëssen Kompetenz matbruecht hun an déi bereet woren serieux matzeschaffen fir dass mir den Club op d'Been kruuten.

Mit haten ons vun vir eran virgeholl net irgend ee Club vun Frënn ze grënnen, wou een Frënd den aneren matbrëngt fir him eng Gefällegtkeet ze machen.

Wéi gesoot mir wollten ee Club grënnen vun Memberen déi kompetent, engagéiert an bereet woren mat ze schaffen an virun allem geeegent woren Rotarier ze gin. Och zu dir Zait woren Dammen am Rotary schon een Thema, mee mir hun deemols dorop verzicht fir ons eng Front opzebauen tëschent deenen déi éischtens emol géint Grënnong vun engem néien Club woren an zweetens déi, déi géint d'Fraen am Rotary woren.

Mat 20 Memberen hun mir deemols den Club ugefaangen, well mir woren deemols schon der Meenung dass et net Quantitéit as mee d'Qualtiéit déi een brauch fir ee sériösen Club ze grënnen.

Ech mengen dass daat, waat aus dësem Club daat gemach huet waat en haut as, an wourop d'Grënnongsmemberen wéi all déi aner Memberen kënnen absolut houffreg sin.

Mir hun selbstverständlech deemols ee Parrain gebraucht, an daat konnt jo net anescht sin wéi dass main Club den „Esch Bassin Minier" sech deemols spontan bereet erklärt huet den Parrainage ze iwerhuelen

Ech selwer hat mir ower virgeholl nuren esou laang am néien Club ze bléiwen bis dass en op den Schinnen geng stoën an dann geng ech nees an main Club zerëckgoen.

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Dofir haten mir deemols schon décidéiert direkt ee Président Fondateur ze déisgnéieren an zwar den Gilbert Neiens, deen ech iech net brauch virzstellen, an deen sech an der Zwëschenzait ouni Zweifel am Rotary außergewéinlech verdëngt gemaach huet an haut den Vertrieder vun onserem Gouverneur ass.

Ech wëll se net all héi opzielen déi deemools béi der Grënnong vill matgehollef hun, an deenen ech hei och nach en Kéier een großen Merci well soen, mee ech wëll awer och net vergiessen een méi wéi en engagéierten Frënd wéi den Emmel Frantzen ze citéieren, den iwregens och elo nees mat déier formidabler Brochure sain Kënnen an sain Engagement fir den Rotary ënner Beweis gestallt huet,

Waat natiirlech ganz traureg wor an deemols en béisen Schied op d'Féierlegkeeten vun der Remise de Charte geworf huet, dat wor den Fait dass den Fernand OSCH virzaiteg gestuerwen as an deemols net méi konnt derbai sin.

Haut wëll ech selbstverständlech nach eng Kéier dovunner proiftéieren fir dem Club fir den Paul Harris merci ze soen deen sie mir deemools bei der Remise de Charte als Unerkennung iwwereecht hun.

Wat mech natiirlech außergewéinlech frou mecht, daat ass den fait dass dësen Club nach ëmmer an deem selwëschten Esprit weidergefouert gëtt an sech nët nëmmen der Unerkennung an den rotareschen Kreesser verdëngt gemaach huet, mee och d'Unerkennung allgemeng fond huet, duerch hier vill Akitvitéiten an Aktiounen selbstverständlech am Intersse vum Rotary mee ower och am Interessen vun der Allgemengheet.

Ech mengen dass et kaum ee Club gët deen esou aktiv um internationalen wéi um nationalen an regionalen Plang vum Rotary matschafft an versicht dass ëmmer Memberen vum Club an den verschiddenen Gremien vum Rotary vertrueden sin, un allen rotareschen Manifestatiounen deelhuelen an nët ze vergießen déi regelméißeg Rencontren mat hirem Club Contact.

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Ech well allerdëngs elo nët hei all déi Aktivitéiten an Gremien opzielen vun deenen ech hei geschwaat hun, well daat fand dir schließlech alles an dir formidabler Brochure déi méi wéi Unerkennung verdëngt.

Ofschléißend well ech iech elo alleguer nach eng Kéier fir äeren 10ten Anniversaire häerzlechtst félicitéieren, iech nach eng Kéier een großen Merci soen fir daat waat dir an deenen 10 Joër färdeg bruecht hut an all deenen neien Memberen den oprichtegen Rot mat op de Wee gin am selwechten Geescht dësen Club weiderzeféieren, virun allem sain Ausbau mat deem néidegen Sérieux unzegoen.

Ech soen iech all merci fir iert gentil Noolauschteren

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

Discours du Gouverneur du district 1630 M. Dony Calmes

Chers amis rotariens de Bascharage-Koordall, chère amies conjoint

C'est avec infiniment de plaisir que Viviane et moi-même, nous répondons à votre invitation, pour fêter avec vous le dixième anniversaire de votre remise de charte. Jour de fête, le gouverneur du district vient en ami et ne voudrait d'aucune façon abuser de votre attention, ni vous importuner avec un discours plus ou moins sérieux ou intellectuel.

Dès notre prime enfance on nous a enseigné à l'école primaire que toutes les rivières et ruisseaux de notre cher et beau pays convergeaient vers le même point sauf un ruisseau la Chiers.

Ce soir je réalise que les parrains et fondateurs ont su forger, un club, un peu à l'écart de nos villes, qui a su creuser son chemin, un peu à l'image de la Chière qui se singularise, comme vous le savez, en se déversant dans le bassin hydrologique de la Meuse .

Comme je l'ai écrit dans la préface de votre brochure anniversaire : Un club est avant tout une équipe d'amis, de copains qui partagent les mêmes idées d'entraide et de solidarité. C'est cet échange d'amitié, de diversité et de compréhension qui font que nous sommes à même, de pouvoir, d'oser de nobles et belles actions en faveur de nos concitoyens dans le besoin mais surtout ou en faveur de tous les enfants du monde qui souffrent, mais qui continuent à rêver.

Leur rêve : c'est une vie sans misère, sans faim, sans violence bref, une vie tout simplement meilleure.

Avec le président D.K Lee j'aimerais vous lancer « Make their dreams real ». Nous le pouvons .Ayons le courage de nos ambitions afin que la roue **rotarienne roule pour l'espoir** et la solidarité avec tous ceux qui souffrent.

Merci au club parrain d'Esch-Bassin Minier, au président fondateur et à tous les présidents qui ont pris le relais depuis ,Le club de Bascharage-Koordal est un beau club dont le District peut être fier.

Enfin merci à ceux qui représentent votre club au niveau du district : Gilbert ,Bodo et Bram. Ils font honneur à votre club par leur compétence et leur dévouement..

Merci à vous tous et permettez moi de lever mon verre à votre santé et à la santé de tous ceux qui vous sont proches.

Vive le club de Bascharage –Koordall , vive le Rotary, vive l'amitié.

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com

PDF created with FinePrint pdfFactory Pro trial version www.pdffactory.com